

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An der Lescht ass duerch d'Aktualitéit nees d'Fro opkomm, wéini Lëtzebuerg géint den Asaz vun disproportionéierter Policegewalt am Ausland protestéiert a wéini net ?

Dëst ass eng Fro vun der Glafwierdegkeet vun der Lëtzebuenger Baussepolitik. Et ass jo wuel vun engem mënschleche Standpunkt aus kaum nozevollzéien, datt bei engem polizeilechen Asaz bei deem et Verletzter gëtt, ouni datt dat néideg gewiescht wier, an engem Fall protestéiert gëtt an an anere Fäll net.

Dowéinst wollt ech dem Här Bausseminister dës Froe stellen:

- 1) *No wéi enge Critèrë jugéiert den Här Minister, ob hie géint en offensichtlech disproportionéierten Asaz vu polizeilecher Gewalt am Ausland protestéiert oder net ?*
- 2) *Denkt den Här Minister, datt d'Kritik un disproportionéierter Policegewalt eng Amëschung scho per se an déi bannenzeg Affären vun engem anere Staat duerstelt?*
- 3) *Spillt et eng Roll, ob deen disproportionéierten polizeilechen Asaz an enger supposéierter Konformitéit zu de konstitutionellen an anere legale Reegele vun deem Land geschitt, oder net?*
- 4) *Spillt et eng Roll, ob dat betreffend Land Member an der EU an/oder an der NATO ass oder net?*
- 5) *A wéi wäit kann d'Feststellung, an den An vum Här Minister, vun enger demokratescher Gronduerdnung vun deem betraffene Staat a senger prinzipieller rechtsstaatlescher Ausriichtung, d'Beuerteelung vun engem disproportionéierten oder onnéidege polizeilechen Asaz am Eenzelfall relativéieren?*
- 6) *Ass et net ëmmer eng moralesch Verflichtung géint en disproportionéierte Policeasaz am Ausland ze protestéiere wann doduerch mënschlecht Leed entsteet?*
- 7) *Ass et net eng baussepolitesch Vernonftsregel fir virum dem Asaz vun disproportionéierter Gewalt ze warnen, besonnesch wann doduerch kann eng Situatioun deterioréieren an zu internationale Komplikatoune féieren?*

Mat déiwem Respekt



Fernand Kartheiser

Deputéierten